CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 OCT. 2019

**Réponse coordonnée du Gouvernement à la question parlementaire n°1049**
**de Monsieur le Député Sven CLEMENT**

Den honorabelen Deputéierten huet eng Rei Froen zum Gesetz vum 14. September 2018 iwwert eng oppen an transparent Verwaltung gestallt.

**1.Wéi vill Demandë si bis haut op Basis vum Artikel 4 vum Gesetz agaangen?**

D'Gesetz vum 14. September 2018 iwwert eng oppen an transparent Verwaltung appliziéiert sech op eng ganz Rei vun Organismen.

Laut Artikel 1 (1) vum Gesetz sinn et :

« les administrations et services de l'État, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics placés sous la tutelle de l'État ou sous la surveillance des communes, les personnes morales fournissant des services publics, la Chambre des Députés, le Conseil d'Etat, le Médiateur, la Cour des Comptes et les Chambres professionnelles dans la mesure où les documents sont relatifs à l'exercice d'une activité administrative ».

D'Regierung huet kee globalen Iwwerbléck iwwer all d'Demandë déi bei all deenen eenzelnen Organismen agereecht gi sinn.

D'Regierung huet awer d' Zuelen iwwer d'Ufroen, déi bei den eenzele Ministèren agaange sinn.

Bis den 21. September 2019 sinn 29 Ufroe fir Dokumenter bei deene verschiddene Ministèren agereecht ginn.

**2. Wéi vill Demandë waren dem Artikel 4 (2) no zevill generell?**
**Wéi vill vun dësen Demandë goufen doropshi preziséiert a wéi vill sinn opgrond vun enger ze vill genereller Formuléierung verfall?**

Vun deene 29 Ufroe ware 9 Ufroe ze vill generell formuléiert an 2 Demandë sinn opgrond vun enger ze vill genereller Formuléierung verfall.

**3. Opgeschlësselt nom Grond vum Refus: A wéi vill Fäll gouf eng Kommunikatioun opgrond vum Artikel 1 (2) refuséiert?**

Den Artikel 1 (2) gouf a 7 Fäll invoquéiert.

**4. Opgeschlësselt no der Unzuel: Mat wéi enge Modalitéite goufen d'Ufroen, dem Artikel 5 (1) entspriechend, beäntwert?**

Déi ugefroten Dokumenter sinn per Courrier oder per Mail un den Demandeur eraus gaangen.

**5. A wéi vill Fäll gouf op Basis vum Artikel 5 (2) en Delai fir eng Äntwert verlängert?**
**A wéi vill Fäll gouf den Delai vun engem Mount, respektiv 2 Méint, iwwerschratt? Aus wat fir enge Grënn?**

Den Délai vun 1 Mount gouf an engem eenzege Fall iwwerschratt, well nach een Avis gefrot ginn ass.

**6. Opgeschlësselt no de Grënn fir de Refus: Wéi vill Refuse gouf et op Basis vum Artikel 7?**

Et gouf 2 Refusen op Basis vum Artikel 7.

**7. Ass d"'Commission d'accès aux documents" operativ?**
**Wa jo, wéi vill Sëtzungen huet se zanter hirer Constitutioun ofgehalen?**
**Wann nee, wourunner lait dat?**

D'Commission d'accès aux documents (CAD) ass operativ an huet bis elo **10 Sëtzungen** ofgehalen (07.02. / 07.03. / 21.03. / 02.05. / 06.06. / 20.06. / 04.07. / 13.08. / 19.09. an 03.10.2019).

All d'Avise vun der CAD ginn verëffentlecht op hirem Site www.cad.gouvernement.lu .

Um Site stinn och weider Informatiounen iwwer d'Aarbecht vun der CAD.

**8. Wéi heefeg gouf d'Kommissioun säit hirer Asetzung mat engem Appell saiséiert?**

D'CAD ass zoustänneg fir all negativ Décisiounen déi vun engem vun de Organismen déi am Artikel 1 (1) vum Gesetz stinn geholl ginn.

Et sinn bis elo bei der CAD 17 „demandes de révision" erakomm op Basis vum Artikel 10 vum Gesetz.

**9. Gouf an alle Fäll deen am Artikel 10 (2) festgehalenen Delai vun 2 Méint, fir eng Äntwert vun der Kommissioun ze erhalen, respektéiert?**
**Wann nee, em wéi vill Deeg an a wéi vill Fäll gouf dësen Delai depasséiert? Wat waren d'Grënn heifir?**

Den Délai ass bis elo ni iwwerschratt ginn.

D'CAD hëlt hiren Avis an der Moyenne 2-3 Woche no der Saisine.